



## Die „Éducation différenciée“ / L'Éducation différenciée



### Die Verwaltung / L'Administration :

Adresse:
20, route de Luxembourg • L-6910 Roodt/Syre
Tél.: 26 78 86-1 • Fax: 26 78 86-50
E-Mail: ced.roodt-syre@ediff.lu
Site web: http://betzdorf.myschool.lu

| Standardiste | Chargé de direction | Secrétaire |
|---|---|---|
| Telefonistin | Direktionsbeauftragter | Sekretärin |
| Jacquie PAPIER | Paul FEITLER | Claudia SIMOES |

## 8 Joer

Säit 8 Joer hunn ech dat grousst Gléck fir dierfen Chargé de direction am Centre d'Éducation différenciée zu Rued-Sir ze sinn.

8 Joer voller Emotiounen a spannender Aarbecht.

Vill Kanner si während der Zäit an eis Schoul orientéiert ginn, sinn an hirer perséinlecher, wéi schoulescher Entwécklung opgebaut ginn, an hunn eis Schoul nees verlooss – sief et a weiderféirende Strukturen vun der Éducation différenciée, sief et awer och nees zréck an d'Regelschoul.

Flott Projeten sinn während deenen 8 Joer entstan. E gemeinsam genotzte Schoulgaart, Sportfester a Coupes scolaires, wou een zesummen drun deel hëlt, mee awer och e Snoezelraum, deen de Klassen aus der Édiff an der Grondschoul zur Verfügung steet, oder awer och déi flott Bibliothéik, déi vun alle Kanner um Campus benotzt ka ginn; fir nëmmen dat ze nennen. Fir dat nächst Joer ass dann och ee ganz flotte Projet zesumme mat der Maison Relais geplangt.



Snoezelraum



Schoulgaart

An den 8 Joer huet sech awer och am Centre d'Éducation différenciée sou munches geännert. Sou si virun 2 Joer d'Classes de Cohabitation am Lënster Lycée bäikomm, wou d'Schüler ab 12 Joer kënnen higoen. Awer och de Centre Scolaire Inclusif ass entstanen. Sou kann um selwechte Site eng spezialiséiert Beschoulung ugebuede ginn, geneesou wéi de pädagogeschen a psychologeschen Déngscht, an och d'Coordinatioun vun allen Intervenants spécialisés (Assistants en classe) déi am Arrondissement 13 an de Schoulen schaffen.

Vun dëser Rentrée 2016-2017 un, schaffen dann och d'Centres d'Éducation différenciée vu Rued-Sir an Iechternach nach méi zesummen. Nei Méiglechkeete gi geschafen, fir sou de Kanner een nach bessert Förderangebot kënnen unzebidden.

8 Joer, an deene vill geschitt ass.

An elo, no 8 Joer ass et u mir fir Iech Merci ze soen - fir Äert Vertrauen a fir déi gutt Zesummenaarbecht. Op mech kommen lo nei Erausfuerderung innerhalb vun der Éducation différenciée duer, sou dass ech ab dem 1. Oktober leider net méi hei zu Rued wäert kënne schaffen.

Ech wënschen duerfir mengem Nofolger, dem Här Marc Weber, deen dann de Responsabel vum Centre d'Éducation différenciée vu Rued-Sir a vun Iechternach wäert sinn, vill Freed op sengem neie Posten.

Mat beschte Gréiss
**Paul Feitler**
Chargé de direction